

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson (par Mme Djuna Bernard) et Joëlle Welfring.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

## Motion 3

Da kéime mer nach zur Diskussioun vun der Motioun Nummer 3. Wie wëllt do nach eng Kéier d'Wuert ergräifen? D'Madamm Braz.

**Mme Liz Braz** (LSAP), interpellatrice | Och hei sinn ech frou, dass mer an den Interventiounen héieren hunn, dass e breede Konsens do ass, fir dat dote matzedroen. An ech hu virun allem och do erëm dem

Finanzminister säi Kommentar appreciéiert, wou e sot, dass do ëffentlech Gelder och wäerte mobiliséiert ginn, fir dozou bäizedroen. Ech mengen, et ass eng weesentlech Komponent, fir dat dote kënnen an d'Liewen ze ruffen. An ech si frou, dass dat och vun der Regierung esou agesi ginn ass.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Merci, Madamm Braz.

Wa keng weider Wuertmeldung do ass, froen ech, ob mer iwwer dës Motioun par main levée kënnen ofstëmmen.

(Assentiment)

## Vote sur la motion 3

Wien d'accord ass mat dëser Motioun, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugehall.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Moien um 9.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 18.19 heures.)

# 76<sup>e</sup> séance

## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

M. Claude Wiseler, Président

p. 39

### 2. 8222 – Projet de loi portant approbation des amendements à la Convention portant création de l'Organisation maritime internationale, adoptés par la trente-deuxième Assemblée des parties, le 8 décembre 2021

p. 39

Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme : Mme Simone Beissel

Prise de position du Gouvernement : M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8222 et dispense du second vote constitutionnel

### 3. 8309 – Projet de loi portant mise en œuvre du règlement (UE) 2022/2065 du Parlement européen et du Conseil du 19 octobre 2022 relatif à un marché unique des services numériques et modifiant la directive 2000/31/CE (règlement sur les services numériques) et portant modification de :

1° la loi modifiée du 14 août 2000 sur le commerce électronique ;

2° la loi modifiée du 30 novembre 2022 relative à la concurrence

p. 40

Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme : M. Guy Arendt

Discussion générale : Mme Diane Adehm | M. Gérard Schockmel | M. Ben Polidori (intervention de M. Franz Fayot) | M. Tom Weidig (interventions de M. Sven Clement, M. Marc Baum et M. Fred Keup) | Mme Joëlle Welfring | M. Tom Weidig (parole pour fait personnel) | M. Sven Clement (dépôt de la motion 1) | M. Marc Baum

Prise de position du Gouvernement : M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme (interventions de M. Fred Keup) | M. Fred Keup (parole après ministre) (intervention de M. Sven Clement) | M. Ben Polidori (parole après ministre) | Mme Sam Tanson (parole après ministre) | M. Gérard Schockmel (parole après ministre)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8309 et dispense du second vote constitutionnel

Motion 1 : M. Tom Weidig | M. Guy Arendt | Mme Joëlle Welfring | M. Ben Polidori | M. Sven Clement

Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission (adopté)

### 4. 8435 – Projet de loi portant modification de la loi du 25 février 2022 relative au patrimoine culturel

p. 49

Rapport de la Commission de la Culture : M. André Bauler

Discussion générale : Mme Octavie Modert | M. Georges Engel | Mme Alexandra Schoos (dépôt de la motion 1) | Mme Djuna Bernard | M. Sven Clement | M. Marc Baum (dépôt d'une demande de vote séparé sur les articles 2 et 15 du projet de loi 8435)

Prise de position du Gouvernement : M. Eric Thill, Ministre de la Culture

Vote séparé sur l'article 2 du projet de loi 8435

Vote séparé sur l'article 15 du projet de loi 8435

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8435 et dispense du second vote constitutionnel

Motion 1 : Mme Djuna Bernard | M. André Bauler | M. Georges Engel | M. Sven Clement | Mme Octavie Modert | Mme Alexandra Schoos (intervention de M. Sven Clement)

Vote sur la motion 1 (rejetée)

### 5. Ordre du jour

p. 55

M. Claude Wiseler, Président

### 6. Motion de Mme Paulette Lenert relative à l'alignement de la stratégie nationale sur la stratégie européenne en matière de prévention des menaces et des crises émergentes

p. 55

Discussion générale : M. Marc Spautz | M. Fred Keup | Mme Sam Tanson (intervention de M. Fred Keup) | Mme Paulette Lenert

Vote sur la motion (adoptée)

Présidence : M. Claude Wiseler, Président

Au banc du Gouvernement : M. Lex Delles, M. Eric Thill, Ministres

(La séance publique est ouverte à 09.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Claude Wiseler**, Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

## 2. 8222 – Projet de loi portant approbation des amendements à la Convention portant création de l'Organisation

## maritime internationale, adoptés par la trente-deuxième Assemblée des parties, le 8 décembre 2021

Als éischte Punkt op eisem Ordre du jour vun haut de Moie steet de Projet de loi 8222, d'Adoptioun vun den Amendementen, déi als Zil hunn, d'Reegele vun den internen Entscheidungsorganer vun der OMI unzepassen. Ech erënnere Iech drun, datt dëst e Riedemodell „avec rapport et sans débat“ ass an deemno

folgendermoossen opgedeelt ass: D'Rapportrice huet 5 Minutten an d'Regierung eventuell dann och 5 Minutten. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme**

**Mme Simone Beissel** (DP), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, gëschter hu mer iwwert de Schutz vun der Ëmwelt

geschwat, haut de Moie fänke mer u mam Schutz vum Mier.

D'Organisation maritime internationale ass eng Satellitenagence, eng Spezialagence vun der UNO, déi op där enger Säit derfir zoustänneg ass, eeben d'Sécherheet, am Franséische Sécurité a Sûreté, vun der kommerzieller Schëfffaart op de Mieren ze garantéieren an op där anerer Säit d'Preventioun ze maache vun der Mieresverschmutzung, Pollution maritime.

De Projet de loi 8222 huet als Haaptzil, d'Amendementer, déi den 8. Dezember 2021 vun der Assemblée plénière des parties à la convention ugehall gi sinn, hei zu Lëtzebuerg ze approvéeieren. Wichteg ze wëssen ass, dass, quitte dass mer mussen eng formell Prozedur hei maachen, d'Mise en oeuvre awer keng spezifesch Implikatiounen huet op nationalem Plang.

D'Konventioun, déi des Organisatioun kreéiert huet, ass scho säit dem 14. Februar 1991 hei zu Lëtzebuerg en vigueur. An et geet also elo drëm, déi Amendementer, déi geholl gi sinn, och an eisen Ordre juridique interne ze integréieren, well mat deem System gëtt d'Konventioun ugepasst a moderniséiert.

Zwou Saache gi gemaach: Éischstens gi verschidde Reegelen ugepasst an zweetens gëtt d'Decisionengewalt vun den Haaptgremie verstärkt.

Et sinn u sech dräi Amendementer, déi ech elo ganz kuerz virstellen:

Deen éischten, do geet et drëm, eebe just fir dass méi Staate kënnen matmaachen, d'Zuel vun de Membere vum Conseil vu 40 op 52 ze setzen.

Den zweeten Amendement betrëfft d'Mandatsdauer, déi gëtt vun enger Sessioun vun der Assemblée op zwou Sessiounen verlängert an do derbäi kënn dann automatesch en neie Quorum. Et mussen elo 34 Membere present sinn, fir dass se kënnen grouss Decisiounen huelen.

Den drëtten Amendement ass och wichteg. Dir wësst vläicht, déi vun Iech, déi heiansdo um Mier sinn, dass international dräi Sproochen ëmmer gängeg sinn um Mier, dat heescht, dat sinn Englesch, Franséisch a Spuenesch. Dat ass historiesch esou gewuess. Mee d'Welt gëtt ëmmer méi kleng an do ginn dräi aner Sproochen bäigesat, dat sinn Arabesch, Chineesesch a Russesch. Mat deem System kënnen all méiglech Leit, déi sech op dem Mier beweegen, matenee kommuniquéieren. Dat ass wichteg, well mat deem System kënnen dee Moment vill méi Entwécklungsstaaten an awer och Inselstaaten matdecidéieren an deem Conseil. Et sinn also elo sechs offiziell Sproochen an der Konventioun virgesinn.

D'Amendementer, déi ugehall sinn, bréngen dat dann alles mat sech.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, zur Prozedur. D'Ekonomieskommissioun huet zwee Avisen hei kritt.

Een Avis vum Conseil d'État, do war awer keng Opposition formelle an och zum Fong hat d'héich Kierperschaft keng extra Remarken.

Dann huet d'Chamber de Commerce, d'Handelskummer, dräi interessant Remarque gemaach:

Éischstens begréisst se, dass d'Zuel vun de Membere vun deem Conseil an d'Luucht gesat gëtt, fir eeben d'Länner ze stäerken. Ech erënneren Iech drun, dass mir 207 Schëffer ënnert dem Pavillon maritime luxembourgeois lafen hunn. An et ass och wichteg, dass een eis Stëmm do kann héieren.

Zweetens begréisst d'Handelskummer och déi Neierung mat de Sproochen. Dir wësst, dass mir ënnert

dem Principe vum Multilinguisme hei zu Lëtzebuerg funktionéieren, a wat méi Sproochen do sinn, wat et och fir Lëtzebuerg méi interessant ass.

An dann dat Drëtt, dat ass, dass d'Handelskummer wierklech pousséiert a Mesuren an dobäi, fir relativ séier déi ganz Amendementer an dem Lëtzeburger Ordre juridique interne anzeféieren. Da si mer konform zu de generelle Reegele vun der OMI, an dat steet Lëtzebuerg gutt zu Gesiicht.

Souwäit schonn dese Rapport mat dese dräi Amendementer. Wéi gesot, e kleng Projekt, mee trotzdeem erëm e wichtegen; eng Meil, eng Sémeil, fir d'Lëtzeburger Handelsflott. Dir wësst: 1.852 Meeter, ...

*(Interruption par M. Sven Clement)*

... 1.852 Meeter, eng Sémeil. Här Clement, ech weess, déi aner sinn 1.609 Meeter.

*(Interruption par M. Sven Clement)*

Ech hunn d'ganz Liewe laang domadder misse schafen: 1.852 Meeter.

Also wierklech eng wichteg Saach fir d'Lëtzeburger Schëfffaart, an dofir bréngen ech hei mat Freed den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen Iech villmools Merci fir Äert Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Beissel. Wëll d'Regierung eppes dozou soen?

**M. Lex Delles**, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Just ganz kuerz.

**M. Claude Wiseler**, Président | Här Wirtschaftsminister.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Lex Delles**, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Merci villmools, Här President. Ech weess, dass dat doten e Projet ass, dee ganz technesch ass, mee wou et awer wichteg ass, dass och mir als Lëtzebuerg déi Transpositioun maachen, fir fir d'Organisation maritime internationale déi néideg Upassungen do ze hunn op deenen dräi Punkte, wéi se erkläert gi sinn. Wéi gesot, et ass technesch, mee Lëtzebuerg huet och do mat dem Pavillon maritime e Rôle ze spillen. An dofir ass et och flott, déi breet Zoustëmmung hei ze gesinn.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Minister. Dann ass d'Diskussioun domadder ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8222. Den Text steet am Document parlementaire 8222<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8222 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Ok, ech schléissen de Vott of.

D'Resultat vum Vott ass: 59 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dese Projet de loi ass also ugehall mat 59 Jo-Stëmm géint keng Nee-Stëmm bei kenger Abstentioun.

**Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8222 est adopté à l'unanimité des 60 votants.**

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Maurice Bauer) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten (par Mme Claire Delcourt), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Ben Polidori), Claude Haagen (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup (par M. Jeff Engelen), Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig (par Mme Alexandra Schoos) ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

**3. 8309 – Projet de loi portant mise en œuvre du règlement (UE) 2022/2065 du Parlement européen et du Conseil du 19 octobre 2022 relatif à un marché unique des services numériques et modifiant la directive 2000/31/CE (règlement sur les services numériques) et portant modification de :**

**1<sup>o</sup> la loi modifiée du 14 août 2000 sur le commerce électronique ;**

**2<sup>o</sup> la loi modifiée du 30 novembre 2022 relative à la concurrence**

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8309 iwwert d'Ëmsetze vum europäeschen Digital-Services-Act-Reglement. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeloucht an deemno folgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet 15 Minutten, d'CSV huet 15,5 Minutten, d'DP 12 Minutten, d'LSAP 11 Minutten, d'ADR 7,5 Minutten, déi gréng, d'Piraten an déi Léink hu 7 Minutten, d'Regierung huet 15 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, den Här Gérard Schockmel, den Här Ben Polidori, den Här Tom Weidig, d'Madamm Joëlle Welfring an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo den honorabele Rapporteur vum Projet de loi, den Här Guy Arendt. Här Arendt.

**Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme**

**M. Guy Arendt** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet 8309 soll d'EU-Reglement 2022/2065, de sougenannten „Digital Services Act“, an eist nationaalt Recht transposéieren. An deem Reglement geet et ëm de Marché unique vun den digitale Services, an dëst huet als Haaptzil, déi néideg Upassungen um legislative Kader virzehuelen. D'Direktiv 2000/31/CE iwwert déi digital Services geet zeréck op d'Joer 2000. An der Tëschenzäit huet sech immens vill beim technesch Fortschritt gedoen. Souwuel d'Servicer wéi och déi ekonomesch Modeller hu sech iwwert déi lescht 25 Joer staark verännert an eng Rëtsch neier sinn entstanen.